



dëse Projet de loi stëmmen, well en effektiv eng Plus-value gëtt, mä wéi grouss déi Plus-value gëtt, dat wësse mer nach net. Dat hänkt dervunner of, wivill Konventionen ofgeschloss ginn. Et ass genuch do, well et mécht Sënn, esou eppes ze hunn, well mir hu vill Grenzgänger, mir hu vill Professionnels de santé, déi op deenen zwou Säite vun der Grenz schaffen. An duerfir, mengen ech, muss een elo kucken, wat do derbäi erauskënnt.

Wat awer gradesou wichteg ass, dat ass ze kucken, wéini d'Fransousen des Convention-cadre ëmsetzen. Well eréischt wa si se ëmgesat hunn, da kënnen mir och eppes maachen. Dat sinn also zwee Kritären, déi ech mer wënschen, dass déi esou séier wéi méiglech kommen, well heimat kréie mer effektiv eng besser Prise en charge vun de Patienten. Mir kréie méi eng Kontinuitéit an de Soinen. Mir kréie méi schnell Hëllef och alleguerten. A mir kréien eppes ganz Wichteges, géif ech soen: eng Verbesserung, oder déi administrativ Barrieren, déi ginn ofgebaut. Et ass also wierklech eng gutt Saach, wat hei geschitt.

An e leschte Saz: Ech géif mer wënschen, dass dës gutt Saach och géif an anere Beräicher mat bilateralen Ofkommesse geschéien. Zum Beispill hu mer elo, wéi gesot, mat der Région Grand Est esou en Ofkommes. Et kéint een och esou en Ofkommes mat eise belsche Frënn maache respektiv mat Rheinland-Pfalz oder eben dann och mat dem Saarland. Voilà!

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Dann huet den Här Graas d'Wuert.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Madamm Hemmen, där ech Merci soe fir hir verschidde Rapporten, huet hei vun engem klengen, einfache Gesetz geschwat, jo, mä et sinn awer oft déi kleng Gesetzter, déi awer e groussen, wichtege Impakt hunn. An dat hei gehéiert dozou, besonnesch wann een un déi héich Zuel och vu Grenzgänger denkt, déi awer elo hei an de Genoss vun enger Konvention kommen, déi hinnen um Niveau vun der Gesondheetsfleeg vill Positives wäert bréngen. Duerfir kënnen mir dat hei och nëmmen ënnerstëtzen.

Ech wëll och dat opgräifen, wat den Här Halsdorf elo kuerz och nach gesot huet: Mir sollen driwwer nodenken, fir dat och nach auszudeenen, och am Kontext mat anere Länneren.

Iwwregens ass et immens flott, wann ee gesäit, wéi déi eenzel Länner kënnen zesummen net nëmmen um Niveau vun der Gesondheet schaffen. Ech mengen, haut krute mer erëm e gutt Beispill geliwwert, wat och d'Zesummenaarbecht um Niveau vun de Pompjeeën ubelaangt. Ech hunn elo just nach gelies, datt net manner wéi 40 Lëtzeburger Pompjeeën de Moien am Asaz an der Belsch zu Étalle waren, wat e gutt Beispill ass, wéi sech do grenziwwerschreidend kann zesummen ausgetosch ginn an och gehollef ginn.

An hei ass och e Beispill, dat mer nëmme kënnen ënnerstëtzen. An deem Sënn bréngen ech selbstverständlech och den Accord vun der Demokratescher Partei.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. D'Madamm Lorsché huet d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Merci, Här President. Wann een dëse Projet de loi kuckt, da muss een eigentlech feststellen, dass et an der Europäescher Unioun méi einfach ass, Kapital vun engem Land an dat anert ze transferéiere wéi e Patient mat enger Ambulanz an en auslännescht Spidol. An dat nennt sech dann en „Europa ouni Grenzen“.

Mat dësem Projet de loi ginn d'Grenzen zumindest an der Richtung vu Frankräich opgemaach. Dat ass begrëssenswäert. Mir sinn natierlech och derfir, dass déi aner Länner an där doter Richtung matschaffen. A mir soen der Madamm Hemmen Merci fir hire gudden Rapport. An domat ginn ech den Accord.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, Här President, och vun eis aus e grouse Merci un d'Madamm Hemmen fir deen ausgezeechente Rapport. Mir wëllen eis deene ville positive Kommentaren an Ureegung vun eise Virriedner uschlëssen a wäerten dat hei och mat Freed matstëmmen.

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Baum ass drun.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Jo, Merci, Här President. Och mir kënnen eis deem just

uschlëssen, wat virdru gesot ginn ass. Déi grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht ass absolutt e Fortschritt. Et ass am Interessi vun de Leit, souwuel deene Leit, déi hei zu Lëtzebuerg sinn, wéi awer och de Leit an der Groussregioun.

D'Prise en charge vun de Patientë gëtt domadder wesentlech vereinfacht, awer net nëmmen d'Prise en charge vun de Patienten, mä och de Statut vun de Professionellen, déi déi Aarbecht maachen, gëtt klarifizéiert, hir Rechter, hir Kompetenzen. Dat ass absolutt begrëssenswäert an e Schrëtt an déi richteg Richtung.

A mir kënnen eis äänlech wéi den Här Halsdorf och just wënschen, datt dat u sech e Modellcharakter ass fir och aner Regiounen, déi sech deem dann och uschlëssen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An dann huet d'Madamm Gesondheitsminister d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

► **Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé.** - Merci, Här President. Effektiv ass dat heiten awer, wat den Accès zu medezinnesche Soinen ugeet, awer och d'Mutualisatioun vun de Kompetenzen, e ganz wichteg Projekt. Et ass och hei richtegerweis gesot ginn, dass et e Kaderaccord ass, deen elo natierlech herno leeft duerch déi eenzel lokal Kooperatiounskonventionen, déi mussen ofgeschloss ginn. Do erwaarden ech mer eng pragmatesch Approche. Hei wäert och eisen neie CGDIS eng wichteg Roll spillen, wann et ëm de Volet vun de Soins de secours d'urgence geet.

Wat ech gutt fannen, dat ass, dass vun Ufank u gesot ginn ass, dass een an engem Sënn vu Komplementaritéit wëllt ebe grad déi pragmatesch Approche beweisen, andeem ee kuckt, wou déi gréissten Defiziter sinn, wat d'Offer vun de Soinen ugeet, an dann ebe grad do wëllt punktuell nobesseren. Dat, fannen ech, ass wierklech déi richteg Approche.

An zu där Fro, wou d'Fransousen dru sinn: Dat wäert elo relativ schnell goen, well dat kouw am November 2017 an d'Assemblée nationale, soudass mir dovunner ausginn, dass dat och vläicht nach virum Summer bei hinne ka sprochräif sinn.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Da si mer prett, fir ofzestëmmen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7176 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7176 fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

Mir hunn Unanimitéit mat 60 Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Aderm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

An da gi mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwer, dem Projet de loi 7253, deen de Gebrauch vu Cannabis fir medezinnesch Zwecker soll regelen. An den „Festival Cécile Hemmen“ geet weiter.



## 5. 7253 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie

**Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports**

► **Mme Cécile Hemmen (LSAP), rapportrice.** - Merci, Här President. Jo, d'Zil vun dësem Gesetz ass et, fir am Kader an am Interêt vun der Santé publique den Accès fir déi bescht medezinnesch Behandlungen ze garantéieren, an dat jee no gesondheetlechem Zoustand vum Patient. Déi medezinnesch Uwendung vum Cannabis ass an deem Kontext e ganz wichteg Thema ginn, an dat opgrond vun der Entwécklung vun der Fuerschung, wat d'Cannabisplanz ugeet.

Jo, de Cannabis gëtt als eng geféierlech Drog duergestallt an dann erëm als e wonnerbart Heilmittel. A grad do muss een den Usaz fannen, fir den Ennerscheid ze erklären tëschent dem Cannabis fir rekreativ Zwecker, also wat gemengerhand als „kiffen“ bezeechent gëtt, an dem Gebrauch vu Cannabis fir medezinnesch Zwecker.

De Cannabis ass eng Planz, déi aus ville Moleküllen besteet. Dovunner sinn déi bekanntste Cannabinoiden de sougenannten THC oder Tetrahydrocannabinol an de CBD, de Cannabidiol. Et soll ee wëssen, dass den THC dat Gefill vu Schwiewe provoziert, wann ee Cannabis konsuméiert, wougéint de Cannabidiol keng sougenannt psychotrop Niewewirkung huet an och net zur Ofhängegkeet féiert.

No ronn zéng Joer wëssenschaftlechen Etüden ass bewisen, dass souwuel den THC wéi och de CBD an enger ganz spezifischer Zesummesetzung positiv Auswirkung kënnen hunn op d'Behandlung vu verschidde Krankheeten. An do kommen ech am Detail herno drop zrëck.

Firwat dann elo dëst Gesetz? Et muss ee wëssen, dass dat gesetzlecht Strofrecht zu Lëtzebuerg bis dato keen Ennerscheid mécht bei der Finalitéit vun der Consummatioun vum Cannabis, ob en zu rekreativen oder zu medezinneschen Zwecker zou sech geholl gëtt. Deemno sinn d'Patienten, déi op de sougenannte medezinnesche Cannabis zrëckgräife mussen, an deemselwechten Ausmooss strafbar wéi d'Konsumenten, déi kiffen.

Mat dësem Gesetz geet dann och elo zu Lëtzebuerg de Wee op, fir e legale Kader ze schafe fir de Cannabis, deen zu medezinneschen Zwecker gebraucht gëtt an deementspriedend och vum Dokter verschriwwen gëtt. D'Gesetz berout op enger Partie Amendementer zum Gesetz vun 1973 iwwert de Verkaf vu Medikamenter an d'Lutte géint d'Toxikomanie, an d'groussherzoglecht Reglement, wat dorunner ugeknäppt war, gëtt och adaptéiert.

De Projet vun dësem Gesetz ass vun der Gesondheitsministesch de 26. Februar 2018 deposéiert ginn, zesumme mam Avis vum Collège médical. De Statsrot huet säin Avis den 20. März ginn. De 17. Abrëll ass dunn de Projet an der Chamberskommissioun analyséiert ginn an ech gouf an där Sëtzung dann och zur Rapportrice ernannt. Den Avis complémentaire vum Statsrot kouw den 8. Mee an de 5. Juni huet d'Kommissioun dëse Rapport ugeholl.

Wéi ech et schonn ugangs gesot hunn, ass dës Adaptatioun vum besteende Medikamentergesetz geduecht, fir dass och Lëtzebuerg als eent vun de ganz weënge Länner an Europa seng therapeutesch Offer erweidert a säi Gesondheetssystem dem Fortschritt vun de wëssenschaftleche Recherchen an Etüden upasst.

Esou gëtt am groussherzogleche Reglement, deen iwwregens nach am Projet ass, festgehalten, dass de Cannabis zu medezinneschen Zwecker ka verschriwwen gi bei chronischem Schmäerz - wou och bewisen ass, dass d'Symptomer kënnen ofgeschwächt ginn -, bei ganz staarkem Onwuelsinn duerch Chemiotherapien - och hei ass méttlerweil bewisen, dass verschidde Cannabinoiden eng gutt Auswirkung hunn, jo souguer präventiv kënnen awirken - an de Cannabis kann och verschriwwen gi bei muskuläre Krämp, déi an direkter Relatioun stinn zu der Multiple Skleros.

Den Avis vum Collège médical op den éischten Entworf zum Gesetz war eigentlech ganz positiv an déi legislativ Initiativ gouf deemno begréisst. De Collège hätt awer och gäre gesinn, dass d'Verschriwwung net eleng de Spezialiste virbehalen ass, mä dass all Dokter dës Méiglechkeet kéint kréien, eventuell no enger spezifischer Formatioun.

Déiselwecht Remark kouw och vum Statsrot a sengem éischten Avis an deen huet och nach eng Opposition formelle ausgedréckt a Bezuch op d'Dauer vun der Formatioun vun deenen Dokter, déi de Cannabis kéinte verschreiwen.

Dëst sollt zu enger Diskussioun féieren am Kader vun der Kommissiounssëtzung a schlussendlech ass zrëckbehale ginn, dass all Dokter, deen eng Zouloossung huet, fir zu Lëtzebuerg ze exercéieren, de Cannabis médical ka verschreiwen, ënnert der Konditioun, dass den Zoustand vum Patient dat rechtfertegt, an ënnert der Konditioun, dass den Dokter eng Formatioun suivéiert iwwert de ganze Volet vun der Pharmakologie vum Cannabis: vun der Zesummesetzung iwwert d'Verpackung bis hin zu den Nieweneffekter. D'Dauer vun der Formatioun geet vu Minimum 6 Stonne bis op e Maximum vu 24 Stonnen, an dat gesäit de Projet vum Reglement och vir.

De Statsrot huet dës Propositione guttgeheescht an d'Opposition formelle konnt dann och domadder opgehewe ginn. Och ass an der Kommissioun diskutéiert ginn, firwat d'Cannabismedikatioun nëmmen iwwert d'Spidolsapdikten därerausgoen an net an all Apdikte där verkafft ginn. Et sinn dat besonnescht Conditionnement an de ganz korrekte Stockage, déi dës gesécher Plazen awer justifiéieren. Déi véier Spidolsapdikten hu sech och bereet erkläert, fir d'Medikamenter an der Iwwergangsphas vun zwee Joer ze verkafen, an et ass och net auszulesse, dass et duerno op aner Apdikte kéint erweidert ginn.

Firwat d'Cannabismedikatioun op dräi Pathologien limitéieren an net eventuell och bei HIV-Patienten uwenden, also bei Aids-Patienten? Op dës Fro war d'Antwort och kloer. Et huet ee beim Choix op wëssenschaftlech Analysen zrëckgegraff, wou d'„preuves concluantes“ an „substantielles“ sinn, an dat am Hibleck op déi positiv Wirkungen. Do sinn de Moment d'Aids-Patiente mat hire Symptomer nach net drënnergefall.

Bleift vläicht nach ze präziséieren, dass et sech an dëser Form vu Medikatioun jo eigentlech net ëm e Medikament als solches handelt an dass ee keng Erlaabnis muss erdeele fir d'Mise sur le marché vun deene Substanzen. Et gi jo scho Medikamenter mat erlaabte Cannabisextrakter verschriwwen, esou zum Beispill de Sativex. Hei geet et awer elo ëm d'Uwendung vun der Planz als e Ganzt. An do muss d'Gesetz elo norüsten, fir dass et Kloecheit gëtt, wat d'Strofrecht ubelaangt.

D'Cannabismedikatioun mécht net ofhängeg. A fir dass mat enger gudder a kontrollierter Wuer geschafft gëtt, wäert Lëtzebuerg sech iwwert d'Agence du cannabis aus dem Kanada approvisionnéieren.

D'Gesetz u sech besteet aus dräi Artikelen, wou zum éischten d'Strofen opgehewe gi fir d'Patienten, deenen de Cannabis mat sengen Derivater verschriwwen gouf. Och gëtt festgehalten, dass d'Dokteren an d'Apdikter net méi kënnen strofrechtlech verfollegt ginn, wa si Cannabis a seng Derivater verschreiwen oder och weiderreeche respektiv verwalten.

All Dokter, ech hunn et gesot, ka Cannabisprodukt verschreiwen, wann e seng Formatioun virweise kann. D'Medikatioun u sech gëtt zesummegeallt aus de Bestanddeeler vun der ganzer Planz a kann ënnert der Form vu Pëllen, Drëpsen, Infusiounen oder soss Ueleger un de Patient verschriwwen ginn, awer sécher net, fir ze fëmmen.

Éier een nach weider Ouverture wëllt schafe wéi zum Beispill de Verkaf iwwer sämtlech Apdikten, leeft dëst Gesetz an dëser Form elo emol iwwert déi nächst zwee Joer, souzeosen an enger Testphas. De Bilan wäert dann Opgeschlossen ginn, wat nach soll verbessert oder awer vereinfacht ginn.

Ganz zum Schluss wëllt ech nach eemol betounen, dass dëst Gesetz e weidere Schrëtt ass a Richtung Qualitéit vum Gesondheetssystem hei zu Lëtzebuerg. Et ass eng laang erwaarten Avancée, op déi vill betraffe Patiente gewaart hunn.

Ech hoffen awer och, dass verstane gouf, dass de Cannabis eng Planz ass, där hir Eegeschaften nëmme ganz gutt kontrolléiert och positiv Auswirkungen op spezifesch Krankheitsbiller kënnen hunn. Dat erfuerdert e Fachwësse vum Krankheitsbild, et erfuerdert e Fachwësse vum Besoin vum Patient, vun der Zesummesetzung vun der Medikatioun a virun allem och eng Kontroll iwwert den Ursprung vun der Planz selwer. Dëst Gesetz an dat groussherzoglecht Reglement, wat dorunnerhängt, wäerten dat erméiglechen.

Merci fir Är Opmierksamkeet, an ech ginn och heimat den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

► **Une voix.** - Très bien!





► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Wuert huet elo d'Madamm Martine Mergen.

## Discussion générale

► **Mme Martine Mergen (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi d'Madamm Hemmen elo grad duergeluecht huet, stëmme mer haut d'Gesetz iwwert d'Zouloosung vum Cannabis medicinal an entloossen domat déi Dokteren aus dem Code pénal, déi dat och scho bis elo gemaach hunn.

Ech wëll der Madamm Hemmen villmools Merci soe fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport. Dëst Gesetz ass vill mediatiséiert ginn, besonnesch och, well rezent déi Petitioun iwwert d'Legaliséierung vum Cannabis héich Welle geschloen huet. Déi zwou Diskussiounen sinn awer, wéi d'Madamm Hemmen och sot, strikt ze trennen. Mir schwätzen haut nëmme vun der therapeutischer Verwendung vum Cannabis, net vum rekreative Gebrauch.

Wat bréngt d'Gesetz? Wat bréngt de Cannabis medicinal? Wann een den Etüde gleeft, net ganz vill. Dat huet och virun e puer Wochen de Virtrag, virun engem struppevolle Sall iwwregens, vun der Madamm Müller-Vahl, Professer op der Uni Hannover, iwwert d'medezinnesch Uwendungen vum Cannabis medicinal erginn, a si huet dat och bestätegt. Ech mengen, dass och deen Owend eng Rei Leit enttäuscht aus dem Sall gaange sinn.

Ech wëll och nach eng grouss franséisch Etüd zitëieren vun der Afssaps, déi fir ganz Frankräich zum Schluss komm ass, dass e kee grouse Benefiss huet, net genuch Benefiss, fir zouge-looss ze ginn. Dat ass den haitege Stand a Frankräich.

Et gëtt awer och Etüden, déi beleen, dass bei verschiddene Krankheetsbiller a bei verschiddene Symptomer, déi dës Krankheetsbiller mat sech bréngen, an dann erëm bei verschiddene Patienten en Effet bénéfique besteet. Ech zielen dës Krankheeten net op. D'Madamm Hemmen huet schonn déi Symptomer opgezielt, wou een de Cannabis kann asetzen a wou et och wëssenschaftlech beluecht ass, dass et eppes bréngt.

D'Direktioun vun der Santé huet kloer och gesot, dass si sech op dës Etüde wäert baséieren, fir de Règlement grand-ducal ze maachen, fir déi Lëscht vun deene Krankheete festzeleeën. Et deet ons e bësse leed, dass mer e bis haut nach net hunn. Et ass och net esou, wéi wann dat ganz nei hei am Land wier. Mir hunn hei am Land schonn eng gewëssen Erfahrung mat dem Sativex, deen awer zimlech regelméisseg agesat gëtt. Dat ass e Medikament a Spray-form, dat den Tetrahydrocannabinol an de Cannabidiol enthält. Et hëlleft also net näischt. An domat wier et onthesch, deene Patienten, deene kann domat gehollef ginn, de Cannabis medicinal virzëenthalen. An dofir stëmme mir och haut dëst Gesetz mat.

Et soll een awer just net mengen, dass dat elo dee groussen Duerchbroch bréngt. Et wäert och hei zu Lëtzebuerg esou wéi schonn an Däitschland, am Vereenegte Kinnekräich, an Italien, a Spuenien, Tschechien, Kroatien a Mazedonien net dee groussen Duerchbroch bréngen. Et wäert och hei keng Pre- a Postcannabis-Ara ginn. Mir sinn der Meenung, dass een de Patiente keng falsch Hoffnungen däerf maachen.

Déi therapeutesch Form vun de Cannabisderivaten huet kee psychotropen Effekt. Si maachen net ofhängeg, esou wéi iwwregens och de Cannabis net, op d'mannst net kierperlech ofhängeg. Niewewierkungen also wéi d'Verschlechterung vum Kuerzzäitgediechtnes, d'Verlängerung vun der Reaktionszäit a Problemer mat der motorescher Koordination, déi ee besonnesch am Stroosseverkeier géif fäerten, déi brauche mer hei net ze fäerten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi virun zwee Deeg kéim ech och elo no de positive Punkten op déi, déi mer awer mussen e bësse kritiséieren. Do wier emol fir d'Éischt déi éischt Limitatioun, déi awer schonn opgrond vum Statsrot aus dem Text geholl gouf. Et war virgesinn, d'Prescriptioun op verschidde Spezialitéiten ze limitéieren. Dass den Dokter, deen e gewëssene Produit, a grad dës Produiten, well et sech am Dosage awer ëm en Erfahrungswäert handelt, well een och muss genee wëssen, wéi säi Patient drop reagéiert, verschreift, muss eng Formatioun maachen, fir e kënnen opzeschreiwen, dat fanne mir extrem sënnavoll, mä net d'Limitatioun op verschidde Spezialitéiten. Et gëtt jo net esou gemaach, mä ech wëll awer e bësse dorobber agoen. Dat wier einfach abstrus, esou wéi dat iwwregens

och bei anere Limitatiounen, déi entre-temps agerass sinn, de Fall ass!

Als klengen Exkurs wëll ech lech awer net virenthalen, wéi et zu dëse Limitatiounen komm ass, an zwar europawäit. Et ass net, well dës Medikamenter esou schwierig sinn an der Uwendung, et ass och net, dass se besonnesch riskant wieren. Et ass einfach, well se schrecklech deier sinn. Et handelt sech oft ëm nei Medikamenter an d'Pharmalobby, där hire laangen Aarm Der jo kennt, déi huet erkannt, dass ee seng deier Medikamenter besser verkeeft, wann een de Krankeesen och déi Limitatioun mat recommandéiert. D'Krankeese sinn dës Wee gäre matgaangen an esou hu mer haut déi Situatioun, wéi se ass.

Ech wëll dat och mat engem Beispill illustréieren: Eng Patientin brauch fir hir rheumatesch Krankheet Injektiounen mat Anti-TNF alpha. Déi sinn dem Spezialist virenthalen. Well hire Spezialist awer an der Vakanz ass, geet se bei hiren Dokter. Deen huet alles probéiert, fir op d'mannst eng Ampull fir d'Fra kënnen aus der Apdikt ze kréien, mä do war näischt ze maachen. Dir kennt och d'Waardezäite bei de Spezialisten. An déi sinn net fir d'Lescht esou laang, well eben déi aarm Leit, déi déi Traitementer brauchen, all Kéiers mussen dohinnertrëppelen fir d'Prolongation de prescription.

Dat ass eng negativ Entwécklung, déi mer beobachte kënnen. A mir müssen et och an dësem Land mat senger e bësse spezieller Sécurité-sociales-Situatioun fäerdegbréngen, dass, wann e Medikament facharztflüchtig ass - dat heescht, dass et op Spezialiste limitéiert ass -, dann ee fir alle Mol eng Ordonnance vum Spezialist beim Ufank vum Traitement gemaach gëtt, dass d'Krankeese, wann et sënnavoll ass, dass dee Patient dat kritt, dat uerkennt an dass e fir seng Répétition d'ordonnance ka bei säin Dokter goen.

Stellt lech e Patient vir mat enger Maladie de Crohn, dee geet bei säi Gastroenterolog, well et eng Daarmkrankheet ass, fir säin Anti-TSF alpha. Da muss en awer nach bei den Neurolog goen, well de Cannabis medicinal, deen hëlleft em och gutt. A wann en nach eppes um Häerz huet, gëtt et elo eng Rei nei Medikamenter fir d'Häerz an déi sollen dann och op d'Kardiologie limitéiert sinn. Déi kaschten och d'Aen aus dem Kapp.

Dat kann et net sinn, Här President, dat ass net am Interêt vum Patient. Dat ass eng Kuje nad.

Eng zweet Limitatioun wäert dann d'Lescht vun de Krankheete sinn, déi ech schonn ugeschwat hunn, fir déi een däerf de Cannabis medicinal opschreiwen. Limitéiere mer ons op déi, fir déi d'Etüden eng gewësse Wirkung nogewisen hunn, da wäerten net schrecklech vill Patiente betraff sinn. D'Lescht wäert eben am Règlement grand-ducal festgehalen sinn. Mä ech huelen awer un, grad wéi d'Madamm Hemmen, dass dës Lëscht wäert an Zukunft nach musse vervollstännegt gi respektiv adaptéiert ginn. A mir wäerten dat natierlech mat vill Opmierksamkeit verfolgegen.

Déi drëtt Limitatioun si schliisslech d'Spidolsapdikten, wat mer eigentlech och net gutt fanen. Och hei muss de Patient sech déplacéieren. Mir hunn an der Kommissioun driwwer diskutéiert an et ass ons verséichert ginn, dass et wäert méiglech sinn, dass d'Spidolsapdikt d'Prescriptioun kritt an dass dat fäerdeg Preparat awer dann an eng lokal Officine ka bruecht ginn, wou de Patient et kann ofhuelen. Vu dass et keen Akuttraitement ass, mä e chronesch, hu mer net weider doriwwer diskutéiert. Mir wäerten och dat awer mat vill Opmierksamkeit verfolgegen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat Gesetz wäert kee Paradigmewiessel an der Medezinn no sech zéien. Mir mengen awer, dass et eng Verbesserung fir verschidde Patiente mat sech bréngt, eng Erlichterung fir déi Dokter, och, déi schonn an der Vergaangenheet medezinnesch Cannabis opgeschriwwen hunn an domat ëmmer mat engem Been am Prisong stoungen.

Ech ka mer virstellen, dass ech déi Formatioun och wäert matmaachen, och wann ech souwiesou scho mat engem Been am Prisong stinn.

Ech soen lech Merci.

## (Hilarité)

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Nächste Riedner ass den Här Edy Mertens.

► **M. Edy Mertens (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, villmools Merci der Madamm Mergen. Si huet d'Halschent vun deem gesot, wat ech hei sollt spoen, medezinnesch gesinn huet se meng voll Ennerstzung. Esou ass et effektiv. Ech weess och net, ob eng Revolutioun hei stattfënnt mam Cannabis.

Ech wëll direkt och soen, dass ech ewell al sinn an zu menger Zäit op der Universitéit huet

d'Professor Kryspin-Exner, Psychiater, eis erzielt, wéi lëschtgeet datt dat war, wéi se zu Wien am Parlament gesot hat, wie wëllt, sollt emol an e Raum kommen, si géif deenen - do hate se eng Diskussioun iwwer Cannabis - Marihuana ginn, déi sollten dann emol eng fëmmen. An dunn huet se zu eis gesot: „Solche komischen Gesichter hatte ich noch nie gesehen.“ Well déi Deputéiert, déi deelgeholl haten, do war et deenen enge gutt, deenen anere schlecht. Also et ass eppes, wat och dunn - dat muss ech hannendrusoen, dat hat se eis gesot - scho getest ginn ass, och fir bei verschiddene Krankheete fir d'Wuelbefannen an esou kënnen agesat ze ginn.

Et gëtt och kaum eng Planz, géif ech soen, déi an de leschte Jorzéngten esou staark ëmstridde war wéi de Cannabis. D'Meenungen iwwert de Gebrauch respektiv de Mëssbrauch louchen dacks diametral ausereneen. Déi eng hunn de Cannabis als eng Zort Allheilmittel gesinn - wat et sécher net ass -, déi aner hunn en éischter verdäwelt an en als direkte Wee an d'Illegalitéit an domat an d'Kriminalitéit ugesinn.

Leider goufen an deenen Diskussiounen dacks, wéi ech elo grad gesot hunn, Äppel a Bire matenee verglach an dacks ass aus enger Méck en Elefant gemaach ginn. Ech mengen, d'Madamm Mergen hat et gesot: Dir stierft net, wann Der probéiert, en Joint ze fëmmen. Ech rode jiddwerengem et. Ech hat et och gemaach. Dat war déi éischt an déi lescht, déi ech gefëmmt hat. Et war mer himmelschlecht ginn dovun. Also et ass net jiddwereen, deen do schwieft, wéi virdu gesot, a sech da wonnerbar fillt. Esou ass et net.

Knapps hat een deemools näamlech d'Wuert Cannabis an de Mond geholl, dann hate vill Leit gemengt, d'Kanner géifen an Zukunft keng Panini-Billercher, mä Titercher ënnereneen tauschen. Heefeg gouf d'Planz einfach méi schlecht gemaach, wéi se a sech ass. Dat huet sech méttlerweilen - Gott sei Dank, kann ee soen - ewell e bësselecher berouegt.

Här President, och wann eist Stroferecht nach keen Ennerscheid tëscht dem Gebrauch vu Cannabis fir rekreativ - fir de Genoss einfach ze hunn - an dem Gebrauch fir medezinnesch Zwecker mécht, esou gëtt et awer a mengen Aen eng grondleeënd Differenz, näamlech jee nodeem, firwat datt een e benotzt. Dat soll een näamlech net vergiessegen.

Déi eng wëllen de Cannabis, wéi gesot, als Genossmittel konsumméieren, fir ze entspannen. Déi aner konsumméieren en, fir d'Symptomer, d'Niewewierkunge vläicht vun anere staarke Medikamenter besser an de Grëff ze kréien. Mir sollen eis do näischt virmaachen. Wéi dacks krut ech ewell vu Patiente gesot, datt si regelméisseg eng dämpfen, well si et einfach net méi packen. Dat sinn awer, muss ech soen, wéi de Lëtzebuurger géif soen „anständeg Leit“, déi sech net wëlle kriminaliséieren an an d'Illegalitéit wëllen erarutschen, wierklech net. Wann et dann esou ass, deem engen oder aneren hëlleft, mengen ech, si mer um richtege Wee.

Wann ee kee Choix méi huet, keng Alternativ méi gesäit, da sicht ee sech eben nei Weeër, fir sech ze hëllef. Datselwecht hu mer an der Homeopathie an an all deene Saachen. „Homeopathy is the art of doing nothing“, hat ech emol gelies vun engem ganz bekannte Medezinner, deen dat 40 Joer laang studéiert hat. Du kanns net vill falsch maachen, mä du kanns d'Kügelcher verschreiwen. An ech ka soe vu menge Patienten, datt ech der gesinn hunn, déi de Cannabis geholl hunn, net vill, mä e puer. An do waren der zwee derbäi, déi hu gesot: Dat war wonnerbar fir zwee Méint an duerno huet et näischt méi gehollef. Louch dat un der Dosis? Ech muss éierlech soen, ech hu keng grouss Erfahrung domat a kennen net alze vill an der Medezinn vum Cannabis.

## (Interruption)

Jo. De medezinnesche Cannabis kann, wéi gesot, fir vill betraffe Leit also eng Alternativ sinn oder souguer déi eenzeg Léisung sinn, fir en hallefweegs normaalt Liewe kënnen ze féieren. A genau ëm dee Cannabisgebrauch geet et haut bei dësem Gesetzesprojet.

Virop wëll ech awer nach der Madamm Hemmen villmools Merci soen. Hire ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport erlaabt et mer, mech elo just nach op e puer Punkten ze limitéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'DP ass de Cannabis also, kann ee soen, keen Däiwelskraut. Dat wëll ech hei eng Kéier ganz kloer soen. Mir verdäiwelen en net. Dat wëllt awer op kee Fall heeschen, datt mer sollten d'Effete vun där Planz verharmlosen. Egal ob fir de medezinneschen oder rekreative Gebrauch vu Cannabis, d'Informatiouns-, d'Sensibiliséierungs- a virun allem d'Präventionsaarbecht däerfen net ze kuerz kommen. Et schéngt mer an deem Kontext immens wichteg ze sinn, dat

ze betounen, grad am Hibleck och op de Schutz vun de Kanner a vun de Jugendlechen.

Här President, et geet haut, wéi gesot, ëm de medezinnesche Gebrauch vum Hanf. Deen huet ewell eng jordausendelaang Traditioun. Den Hanf war eng vun deenen éischte Planzen iwwerhaupt, déi de Mënsch ugebaut huet. Déi modern Fuerschung huet allerdéngs eréischt an de 60er Jore lues a lues ugefaangen ze kucken, ëm wat et sech handelt.

Den Duerchbroch koum dunn eng Kéier 1990, 1993, wéi d'Fuerscher déi Rezeptoren entdeckt hunn an de CB1 an de CB2, wéi se dat nennen, de sougenannten Endocannabinoid-System. Deen Endocannabinoid-System, deen hu mer alleguerten an eis. Dee spillt eng immens wichteg Roll an der Regulatioun op ville Plazen, wouvun déi eng Rezeptore méi direkt am Gehir an dem peripheren Nervensystem virkommen, mä awer och an Organer a villen anere Plazen. An deen zweete Rezeptor spillt dann haapt-sächlech eng Roll, wéi een d'Péng „managt“ - soe mer emol esou -, a spillt dann och beim Immunsystem eng ganz grouss Roll.

Dir kennt bestëmmt den Effekt - fir ze erklären, wat dat komplizéiert Gedeessens do soll mat deene Rezeptoren - vun de Sportler. D'Jogger, déi soen: „Majo ech muss jogge goen, no enger gewëssener Zäit fillen ech mech high.“ Ech schwätzen do vum Runner's High, engem Gefill, wat deen do kritt, well eben déi Endorphinen an dee ganzen Endocannabinoid-System zum Droe kommen.

Natierlech huet och de Cannabis seng Niewewierkungen. Déi eng si gewollt, wéi zum Beispill d'Relaxéieren, et gouf virdu gesot, vun de Muskele bei Spastiker. Déi aner si manner gewollt. Et huet sech allerdéngs méttlerweil erausgestallt, datt déi ongewollt Niewewierkungen haapt-sächlech vum THC ervirgeruff ginn, an net vum CBD. Virdrun hat d'Madamm Mergen dat ausféierlech erkläert. Dee Wirkstoff CBD ass dofir besonnesch interessant fir déi medezinnesch Zwecker, vun deene mer hei schwätzen.

Mir ginn also elo op de Wee, fir den Accès zu dësem therapeutische Cannabis ze reglementéieren. Do si mer bei Wäitem, wéi och virdu gesot gouf, sécher net déi Éischt op der Welt, mä mir zéien also no an - soll ech et soen? - mir gi méi modern. Mir erlaben et, dat ze entkriminaliséieren. Et ass jo méi einfach, wann een ewell mat engem Fouss am Prisong steet; mä déi aner Kollegeinnen a Kollegen, déi dat verschreiwen, sinn also juristesche net an der Rei. (veuillez lire: Mir erlaben et, dat ze entkriminaliséieren, sou dass et méi einfach ass fir deen, deen ewell mat engem Fouss am Prisong steet; déi aner Kollegeinnen a Kollegen, déi dat verschreiwen, sinn awer juristesche och an der Rei.)

Wann ech dem President vun der Cannamedica nolauschteren, dat ass eng lëtzebuergesch Asbl, déi sech fir den Asaz vun therapeutischem Cannabis asetzt, dann hätte mir mat eiser Approche e bësse Angscht, seet en, virum eegene Courage. Aner Länner wiere schliisslech ewell vill méi wäit. Et kommen eben an Zukunft nëmme Patiente mat bestëmmte Pathologien a Fro, déi esou en Traitement kënnen maachen. Et gouf virdu gesot: chronesch Schmäerzpatienten, Kriibspatienten, Niewewierkunge vu Chemotherapie an esou virun, Patiente mat Multiple Skleros.

Dat kann een elo „restriktiv“ nennen. Ech géif éischer awer vu „vorsichteg“ schwätzen. Et wëllt een dat Ganzt elo am Ufank emol an enger Testphas ulafe loosse, fir dann duerno ze evaluéieren. Et ass e bësse déi Lëtzebuurger Manéier, fir net direkt virun de Won ze sprangen. Mir begrëissen et jiddefalls och, datt elo all Medezinner, déi eng gewësse Formatioun gemaach hunn, dat kënnen verschreiwen. An dat wäert ech dann och maachen, well ech mengen, déi meeschte Medezinner hu keng Erfahrung an der Therapie mat Cannabis. Dat war uganks jo net esou ugedeit a gouf vum Collège médical och kritiséiert.

Mir sinn also net méi gradesou restriktiv, an dat ass och gutt esou. Well wéi virdrun d'Madamm Mergen gesot hat, kënnen mer awer net alles op d'Spezialiste verleeën. Ech mengen, et ass esou, datt den Allgemengmedezinner dagdeeglech mat deene Problemer konfrontéiert ass. A wann ech fir alles ëmmer erëm muss bei de Spezialist goen...

Ech hat de Moien a menger Praxis ewell um hallwer siwen eng Patientin, fir lech et nëmme ze soen - an déi Leit, déi spannen net, dat ass Tatsaach -, déi war déi lescht Woch an enger Urgence, wou se dann herno zesummegebrach ass no Stonnen, do ware 437 Leit. Si hat den Ticket op alle Fall esou. D'Wartezëmmer voll, kee Stull méi wäit a breet, alles iwwerfëllt, d'Doktesch komplett mat den Nerven um Enn an aacht Infirmiëren do, mä nëmme een





Dokter. Wa mer do mussen dann och nach op eemol optauchen a soen: „Ech hätt gäre mai Cannabis“, ech weess net, wéi ech dann do ukommen!

Zweetens ass et jo och d'Verpackung, dann d'Liwwerung vum Cannabis, d'Preparatioun an esou virun.

Här President, ech wëllt awer nach kuerz op eppes aneschtens ze schwätze kommen, wéi ech elo grad gesot hunn: d'Delivrance vum Cannabis. Dat ass nämlech laut deem virleien-den Text just deene Spidolsapdikte virbehalen. Mir hunn awer elo grad héieren, datt dat och aneschtens kéint ginn. An dat géife mer be-gréissen, well d'Distanzen dacks zu deenen Ap-dikten awer ganz wäit sinn. An ech mengen, dat ass och - ech si keen Apdikter - aus prak-te-sche Grënn: Konservéierung an esou virun. Mä ech gesinn awer do keng Schwieregkeeten, well ee ganz vill Artikelen an der Apdikt och souwisou muss aus dem Spidol bezéien. An ech mengen, d'Apdikte gi véier- oder fënnemol den Dag beliwwert an et bréngt dann een hin-nen de Pak mat. Dat kann alles net esou schrecklech komplizéiert sinn.

Well grad déi Patienten, iwwert déi mer hei schwätzen, sinn dacks schwéier krank, hu schwéier Beeinträchtigungen, denkt un d'Mul-tiple Skleros! An an eisen Aen ass et dofir op laang Suedt sënnavoll, datt de Wee an d'Apdikt esou kuerz wéi méiglech soll sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de-sen Text ass trotzdeem e wesentleche Fort-schrëtt, deen op neiste wëssenschaftlechen Er-kenntnisser fousst, a mir maachen hei net egal wat. Virun allem ville betraffene Patiente wäert et vläicht hëllef, méi en normaalt Liewen ze féieren.

D'DP ass a war nach ëmmer eng fortschrëtt-lech Partei, och wann et ëm nei Erkenntnisser an der Medezinn gaangen ass. An aus all dese Grënn sti mer natierlech hannert dem Projet. An ech ginn och heimat den Accord vu menger Fraktioun. Vläch ass et och esou, datt mer dat erëmkreien, wat déi all Medezinner gesot hunn, well an eiser Geschicht jo gesot gëtt, den „Me-dicus curat“ an „Natura sanat“: den Dokter steiert dat Ganz, aus der Natur kënnt d'Hee-lung. Vläch hu mer hei fir vill Patienten awer d'Méiglechkeet, eng Besserung ervirzeruffen.

Ech wëll lech nach soen, datt de Fraktiounskol-leeg Max Hahn och nach iwwert dat Thema wëllt schwätzen, dat e bësse méi spéit.

Ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschte-ren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Nächst Riednerin ass d'Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dese Projet de loi ass medezinnescher Natur, mä net nëmmen. En huet och eng gesellschafts-politesch Bedeitung. E mécht nämlech Schluss mam Viruerteel, datt Cannabis näischt anescht ass wéi eng geféierlech Drog. Cannabis ass och e Medikament a wirkt souwuel op kierper-lecher wéi och op psychescher Ebene. An anere Länner schwätze behandelt Patienten a Patien-tinne vu reduzierte Schmäerzen, engem posi-tiven Impact op Muskel- an Nervestéierungen, enger besserer Versuergung vun de Bronche mat Sauerstoff, der Regulatioun vum Appetitt beispillsweis bei enger Chimiotherapie, der Re-duktioun vu Schlafstéierungen oder soziale Phobien an esou weider.

Fir de positive Wierkunge vum medezinnesche Cannabis Rechnung ze droen oder besser gesot zum Deel Rechnung ze droen, dierfen d'Dok-teren an Zukunft Cannabisbléien oder Extrakter aus Cannabis verschreiwen. Ofgesi vun enger Weiterbildung vu 24 Stonne brauche se duerfir keng speziell Qualifikatioun. D'Behandlung mam medezinnesche Cannabis hänkt aller-déngs un zwou Konditiounen. Si si schonn e puermol hei ernimmt ginn. De Patient muss sech an enger fortgeschrittener Phas oder der Endphas vun enger schwéier Krankheet be-fannen oder d'Symptomer vu senger Krankheet mussen esou grouss sinn, datt se e sensibelen Impact op d'Liewensqualität vum Patient hunn. An deem Fall kënnen d'Symptomer duerch d'Verofreechung vu Cannabis ofge-schwächt ginn, woubäi et net onwichtig ass, ervirzehiewen, datt des Zort vu Medikament net an all Apdikt, mä just an de Spidolsapdik-ten erhältlech wäert sinn.

Et muss een also feststellen, Dir Dammen an Dir Hären, datt eng cannabisbaséiert Therapie un eng Rei Restriktioune gebonne gëtt zu Lët-zebuerg, souwuel wat d'Krankheetsbiller ugeet wéi och seng Disponibilitéit an den Apdikten, dëst am Kader vun engem Pilotprojet, dee jo no zwee Joer soll evaluéiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, als Gréng begrësse mir dese Projet de loi aus enger grousser Ur-saach: En erhéicht d'Wuelbefanne vun enger

ganzer Rei vu Patienten, déi op Cannabis als Medezinn ugewise sinn. Vill ze laang sinn des Mënschen no engem traditionelle Schema be-handelt ginn, mat kengem oder just mat engem minimalen Erfolleg, mä mat groussen a belasschtenden Niewewierkungen. Dese Projet de loi schaaft eng sënnavoll Alternativ a bedeit e grouse Fortschrëtt am Verglach zu haut.

Här President, wann een dann awer kuckt, wéi aner Länner virgaange sinn, wéi se d'Be-handlung mat medezinneschem Cannabis le-galiséiert hunn, da kënnt een net derlaanscht, eng Rei Froen ze stellen, quitte datt déi Länner bal op enger Hand opzeziele sinn.

Déi wichtegst Fro, Dir Dammen an Dir Hären, bezitt sech op dee leschte Saz vum Gesetzes-projet. An deem Saz steet notament, datt e Règlement grand-ducal d'Lëscht vun de Krank-heete wäert fixéieren, déi mat Cannabis behan-delt dierfe ginn. Dee Règlement grand-ducal gëtt et nach net. Dee Saz léisst awer vermuten, datt just kloer definéiert Krankheetsbiller fir eng Behandlung mat Cannabis a Fro kommen. Dat heescht, vu virera sinn aner Krankheeten aus-geschloss.

Souwäit ech lech an Är Mataarbechter an der Santéskommissioun verstanen hunn, Madamm Minister, handelt et sech bei deene Krank-heeten ebe grad ëm Multiple Skleros, chro-nesch Schmäerzen a Kriibserkrankungen. De Grond, firwat d'Behandlung op des Krankheete limitéiert soll ginn, hutt Dir eis och ginn. Dir hutt eis dat erkläert. Et ass deen, datt bei dese Krankheeten handfest Beweiser virleien, datt medezinnesche Cannabis wierkt. Eng breet ugelumachte Meta-Etüd huet um internationale Plang zu deser Erkenntnis gefouert, laut Ären Ausféierungen. Ech huelen un, datt dëst fir d'Gesondheetskeess eng wichteg Konditioun ass, fir datt eng Behandlung mat Cannabis iwwerhaapt ka rembourséiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer an deem Kontext awer, eng Parallel zu Däitsch-land ze zéien. Virun iwwer engem Joer, am März 2017, ass an Däitschland e Gesetz a Kraaft getrueden, wat den Dokteren d'Recht ginn huet, hire Patiente medezinnesche Canna-bis ze verschreiwen, allerdéngs mat engem wesentlechen Ennerscheid zu eiseim Projet de loi. Den Ennerscheid ass deen, datt eis däitsch Nopere bewosst op d'Indikatioun vu be-stëmmte Krankheetsbiller verzicht hunn. Si hunn den Dokteren also d'Fräiheet gelooss, selwer ze jugéieren, ob se cannabisbaséiert Me-dikamenter verschreiwen oder net, dëst am Sënn vun der Liberté thérapeutique.

Dir Dammen an Dir Hären, ervirhiewe wëllt ech an deem Kontext och d'Aussoe vun der Profes-ser Dokter Kirsten Müller-Vahl vun der Universi-téit vun Hannover. D'Madamm Mergen huet se och schonn an hirer Interventiuon ernimmt. Déi Madamm ass Neurologin a Psychiaterin an donieft och Fuerscherin um Plang vum mede-zinnesche Cannabis. Kierzlech konnt si de Beweis bréngen, datt medezinnesche Cannabis de sougenannten Tourette-Syndrom massiv re-duziéiert a souguer beruffsonfäeige Patienten d'Aglidderung zrëck an de Beruff erméigleche kann doduerch, datt hir onkontrolléiert Kier-perbewegunge massiv ofhuelen, oder d'Kapp-bewegungen.

Virun engem knappe Mount huet des Spezialis-tin dat däitscht Gesetz viru vollem Sall am CHL virgestallt, dëst op Invitatioun vun der Associa-tioun Cannamedica. Bei där Geleeënheet huet si ausdrëcklech dervun ofgeroden, eng Lëscht mat Krankheeten ze definéieren an d'Be-handlung op gewësse Krankheeten ze limitéie-ren. Hirer Aschtzung no si forméiert Dokteren nämlech kompetent genuch, fir ze wëssen, wéi se mat der Substanz sollen ëmgoen. Dobäi ass et kloer, datt de Risiko vun Niewewierkunge bei medezinneschem Cannabis generell méi niddreg ass wéi bei allen anere Medikamenter, wann d'Behandlung mat klengen Dosen ufänkt. An d'Gefor, datt e Patient ofhängeg gëtt, besteet guer net, well medezinnesche Cannabis erwisenermoossen net ofhängeg mécht.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, quitte datt hei eng Meta-Etüd virläit, déi d'Wierksamkeet vum Cannabis just un deenen dräi genannte Krank-heetsbiller festmécht, esou loosson d'Erfahrun-gen, déi schonn am Ausland gemaach gi sinn, awer keen Zweifel méi drun, datt Cannabis bei villen anere Krankheetsbiller zu gudder Resulta-ter féiert. Datt d'Fuerschung net all Beweis ka liwweren an deene villen Erfahrungs, déi säit Jorzéngte schonn um Terrain gemaach ginn, hannendruleeft, ass bedauerlech. Et ass awer och ganz verständlech:

Éischters ass d'Fuerschung an hir Applikatioun jorzéngtelaang duerch restriktiv Gesetzer behënnert ginn. Zweetens huet d'Pharmain-dustrie, déi d'Fuerschung jo zu engem Deel matfinanzéiert, net vill Interessi um Cannabis, well mam Wirkstoff vun enger Planz kee Geld ze maachen ass. Jiddefalls bedeiten déi feelend

Studien, déi feelend Efforten an der Fuerschung an déi feelend Daten net, datt Cannabis net wierkt.

De Problem, dee sech an deem Kontext fir Lët-zebuerg stellt, an och firwat mir esou restriktiv virginn, läit eiser Meenung no net beim feelende Wëlle vun de Medezinner, bei der Behandlung vun enger ganzer Rei Krankheeten op medezinnesche Cannabis zrëckzegräifen. De Problem gesi mir éischter bei der CNS, déi fir de Remboursement zoustänneg ass a sech schwéierdeet wahrscheinlech, Behandlungs-methoden unzëerkennen, déi de klassische Be-handlungsschema duerschbriechen.

De beschte Beweis liwwert d'Psychotherapie, un déi ech kuerz wëllt erënnern: Iwwer zwee Joer nodeems de Beruff vum Psychotherapeut gesetzlech geregelt ginn ass, fir e Rembourse-ment vun der Psychotherapie ze erméiglechen, trëppelt d'CNS nach ëmmer op der Plaz; mat engem klengen Lichtbléck um Horizont aller-déngs. D'Resultat ass, datt d'Patienten hir Vi-sitte bis haut aus der eegener Täsche hu musse bezuelen oder eben op eng Psychotherapie hu musse verzichten, wa se net déi néideg Finanz-mëttel haten. Dat nennt sech dann eng Zwouklassemmedezinn; also grad dat, wat mer wollte vermeiden.

En äänleche Problem besteet bei der Behand-lung mat medezinneschem Cannabis an Däitschland, wou e Patient bis zu 1.500 Euro am Mount aus senger eegener Täsche muss bezuelen, well d'Krankeeseen ëmmer méi streng ginn. Well esou héich Zommen déi fi-nanziell Méiglechkeete vu ville Leit iwwer-steigen, gesi se sech natierlech gezwongen, medezinnesche Cannabis entweder um méi bëlleken, mä ganz geféierleche Schwaarzmaart ze besuergen, oder se mussen d'Planz selwer ubauen a maache sech a béide Fäll strofbar.

Dat féiert natierlech zu der spannender Fro vum Eegenubau, deen och zu Lëtzebuerg als Hannerdier benotzt ka ginn, wann d'CNS de Remboursement a gewëssene Fäll refuséiert oder wann d'Behandlung laangfristeg just op dräi Krankheetsbiller limitéiert bleift. Datt d'Pa-tienten dann a Versuchung geroden, zu Eege-versuerger ze ginn, läit natierlech op der Hand.

Op där anerer Säit muss ee sech dann och d'Fro stellen, wat geschitt, wann d'CNS mat-spillt an d'Behandlung grousszüeg rembour-séiert; wat mer jo alleguer hoffen. Et weess ee jo ni. Dee Moment geet de Konsum vun me-dezinnesche Cannabis natierlech erop. De Re-vers vun der Medail ass awer dann deen, datt massiv Versuergungskpäss kënnen oprieden, well mir grad wéi Däitschland vum Import aus Kanada an aus Holland ofhänken, wou et elo scho massiv Enkpäss gëtt.

Et ass bekannt, datt d'Ubaupapazitéiten an Hol-land ganz begrenzt si vun Ufank un an datt et beim Medezinalhanf aus Kanada net nëmmen zu Liwwerentkpass kouw, an de leschte Méint kouw et och zu Réckzich wéinst Problemer mat der Qualitéit. Mir sinn also nach net op der gewonnenen Säit.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Konklusioun, déi mir als Gréng wëllten zéien, besteet aus fënnf Punkten, déi fir Lëtzebuerg interessant kënnen sinn a Perspektive fir d'Zukunft opmaachen:

Éischters muss massiv an d'Fuerschung investéiert ginn. Nëmmen da gëtt et méiglech, den definitive Beweis ze liwweren, datt medezin-nesche Cannabis bei méi wéi dräi Krankheete wierkt. Mat eise ville Fuerschungszentren, kombinéiert mat der Uni Lëtzebuerg, wier eist Land gutt opgestallt, fir eis an déi Recherche ze lan-céieren, och wa Meta-Etude wäit iwwer Lëtze-buerg mussen erausgoen, däärs si mer eis do bewosst.

Op där anerer Säit muss driwwer nogeduecht ginn, ob wierklech all positiv Wierkung vu Can-nabis mat extrem deiere Meta-Etude muss be-luecht ginn. D'Erfahrung vun Dausende Pa-tiente léisst ëmmerhin näischt ze wënschen iwwreg, ëmsou méi, well des Substanz net ofhängeg mécht.

Zweetens wier et e positivt Signal fir eis, wann d'CNS hir zrëckhalend Remboursementpolitik géif iwwerdenken a sech der Zäit géif upassen.

Wat beim Psychotherapeutesgesetz passéiert ass, dierf sech nämlech net widderhuelen. Den Netremboursement vum medezinnesche Cannabis fir eng ganz Rei Krankheetsbiller géif zu enger Zwouklassemmedezinn féieren, mä net zum Wuel vum Patient, dëst natierlech am Fall, wou d'Lëscht mat de Krankheete géif ofge-schaaft ginn oder awer adaptéiert ginn.

Den Netremboursement féiert derzou, datt eng Rei Patiente sech forcéiert gesinn, sech iwwert den illegale Schwaarzmaart - ech hunn et scho gesot - oder den illegalen Eegenubau anzede-cken. An dat mécht d'Saach net besser an och net méi transparent.

Drëtters dierfen d'Enkpäss am Import net ein-fach ignoréiert ginn. D'Léisung, fir des Enkpäss ze behiewen, läit op der Hand. Si besteet net

aus der Hoffnung, datt d'Enkpäss vum selwe verschwannen. D'Léisung besteet villméi do-ran, datt iwwert d'Grënnung vun enger natio-naler Cannabis-Agence nogeduecht gëtt. Esou eng Agence géif déi legal Basis schafen, fir proppere medezinnesche Cannabis zu Lëtze-buerg unzebauen, souzesoe bio, regional a fair, wéi mer dat jo esou gären hunn.

Véiertens muss Wäert op eng gutt Formatioun vun den Dokteren an eng gutt Informatioun vun de Patiente geluecht ginn, fir datt jidd-weree weess, vu wat e schwätzt a wat e wëllt.

A fënneftens muss envisagéiert ginn, d'Limita-tioun op d'Spidolsapdikten opzehiewen. Dat ass fir eis e ganz wichtige Punkt. Wann net just d'Spezialisten, mä och d'Generaliste Cannabis dierfe verschreiwen, wat mir jo nodréiglech an de Gesetzesprojet ageschriwwen hunn, dann ass et net normal, datt dat Medikament just an de Spidolsapdikten ze kriéien ass. Hei geet et net just ëm d'Proximitéit vum Patient zu der Apdikt, virun allem geet et ëm déi perséinlech Relatioun tëschent dem Patient an dem Apdik-ter.

Laut sengem Code de déontologie muss den Apdikter eng berodend Roll spillen. En ass ge-halen, de Patient iwwert den Émgang mat Me-dikamenter an iwwert d'Onverträaglechkeet mat anere Medikamenter opzeklären, an e kennt de Patient meeschtens ganz gutt.

Well et schwéier ass, an de Spidolsapdikten eng perséinlech Relatioun mat de Patienten opze-bauen, zweifele mir dorun, datt des Apdikten hir berodend Missioun gutt kënnen erfëllen. Ob se d'Officinë beliwweren oder net, bleift ofzewaarden, wa se net dozou forcéiert ginn.

Här President, déi fënnf Punkten, op déi ech agaange sinn, weisen d'Richtung, wéi et eiser Meenung no soll weidergoen. Nach ni war e Gesetz zu Lëtzebuerg a Stee gemeesselt a mir sinn iwwerzeegt, datt sech ënnerhalb vun dem Projet de loi nach villen wäert bewegen, wann d'Pilotphas bis ofgeschloss ass, vläch och scho virdrun, a wann d'Politik genuch Courage beweist.

Cannabis ass e Medikament mat laanger Tradi-tioun, wat et awer net einfach huet, sech duerschzesetzen. Mat deem Gesetz maache mir deen éischte wichtige Schrëtt zu Lëtze-buerg, fir datt et sech duerschsetze kann. An duerfir sti mir voll derhannert.

Op de Cannabis zu rekreativen Zwecker ginn ech net an, well een Äppel a Biren net matenee vergläiche kann. An anere Wieder: Dat eent huet näischt mat deem aneren ze din. Mä och déi aner Diskussioun muss gefouert ginn.

Domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a wënsche ville Patienten a Patien-tinne schonn elo eng gutt Besserung.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den nächste Riedner ass den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Merci, Här Presi-dent. Schon zanter lange Jore fuerdert d'ADR d'Zouloosung vu Cannabis zu medezin-neschem Zwecker am Interessi vum Patient, fir d'Lescht an eiseim Wahlprogramm 2013. All Mëttel, wat e kierperlecht oder psychesch Leid verréngere kann, soll zougängelech sinn. Mir sinn also ganz begeeschtert iwwert desen Text a wäerten em eis Zoustëmmung ginn.

Nichtsdestotrotz muss ech awer drop hiweisen, datt den Auteur vun deem Text nees iwwerreglementéiert huet. An do ginn ech der Ma-damm Lorsché an hire Kritiken op der ganzer Linn recht. Do ass fir d'Éischt emol déi Lëscht vu Krankheeten, fir déi den Traitement mat Cannabis a Fro kënnt an deen esou age-schränkt gëtt. Fir eis ass dat effektiv eng Fro vum Vertrauen zum Dokter, zu sengem Wëssen an och zur Liberté thérapeutique, déi muss do sinn.

Dat Zweet, dat ass den Zougang, deen age-schränkt ass. Och do erschléisst et sech eis net, firwat datt do déi Delivrance limitéiert soll sinn op déi berüümte Pharmacies hospitalières, wou et der de Moment nëmme véier am Land gëtt. Ech mengen, all Apdikt hei am Land stockéiert wesentlech méi geféierlech Medikamenter. Wann et esou ass, wéi de Kolleeg Dokter Mer-tens gesot huet, datt déi normal Apdikte kënnen beliwwert ginn iwwert déi Apdikten, déi Phar-macies hospitalières, dann ass dat vläch keen esou e grouse Problem, mä effektiv soll de Pa-tient kënnen mat sengem Apdikter vu sengem Vertrauen do zesummeschaffien.

Wat mech immens gestéiert huet, ass déi Pro-blematik, déi opgeworf ginn ass, och vun der Madamm Lorsché, vun der Ubaupapazitéit, déi net grouss genuch wier. Firwat ass et net





méiglech, wann eppes gebraucht gëtt, fir dann ze soen: „Ma dann däerfen och sief et staatlech oder sief et privat Entreprises, natierlech ënnert där néideger Kontroll, dat ubauen.“? Dat ass jo einfach eng Beschränkung vun der Economie, déi komplett anormal ass.

Eng lescht Remark, dat ass d'Schmäerztherapie am Allgemengen, déi an eisen Aen hei am Land nach ëmmer stümmlecher behandelt gëtt. An do, maache mer eis näischt vir, wäert eleng déi medezinnesch Verwendung vu Cannabis de Problem hei net léisen. Mir brauchen do eng wesentlech méi grondleeënd Ännerung an der Haltung.

An ech mengen, mäi Kolleg Fernand Kartheiser huet a senger parlamentarescher Ufro vum 4. vun dësem Mount déi Froen opgeworf, a mir si ganz gespaant, wat do u Léisungsusätz kënn. Nëmme e Mënsch, dee scho chronesch Péng erlidden huet, weess, wéi schwierig déi Situatioun ass. Hei maache mer e Schrëtt an déi richteg Richtung.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Den nächste Riedner ass den Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Merci, Här President. Ech mengen, dat, wat wahrscheinlech no dëser Debatt an, esou wéi ee matkritt huet, nom Vott iwwreg bleift, ass e groussen „Endlech!“. Endlech, datt d'Debatt iwwert de medezinnesche Gebrauch vun Cannabis net méi ideologesch gefouert gëtt, datt se net méi gefouert gëtt op där enger Säit vun deenen, déi en als ganz béis Drog gesinn, déi eng Astigsdrog ka sinn an all Méiglech, an op där anerer Säit vun deenen, déi am medezinnesche Cannabis d'Allheilmittel fir alles gesinn, well et ass weder dat eent nach dat anert.

En huet eng heelsam Wirkung. An dat ass, mengen ech, dat, wat ee wirklech zréckbehalte muss a wat de grouse Fortschrëtt vun dësem Text ass, an datt och festgehalte ginn ass, datt et keng kierperlech Ofhängegkeet vun Cannabis gëtt. Seng heelsam Wirkung läit doranner, datt e schmäerzlindernd, schmäerzstëllend wierke kann an datt e bei verschidde Krankheitsbiller Symptomer bekämpfe kann an do duerch, datt en d'Symptomer bekämpft, de Bien-être, d'Wuelbefanne vun deem Patient verbessert, dee meeschtens bei deene Krankheitsbiller an enger ganz schwieriger a prekärer, penibeler Situatioun ass, fir deem ze hëllefen.

Et sinn awer och aner Phenomeener, déi de medezinnesche Gebrauch vun Cannabis huet, oder iwwerhaupt Cannabis als Wirkung huet. Dat ass, datt en appetittfërdernd ass, wat och wichteg ass bei ganz ville Krankheitsbiller. Wann een eng Chimiotherapie gemaach huet oder mat den Auswierkunge vun enger Chimiotherapie selwer befaasst war, da weess een, datt nieft den Nauseën, déi kënnen Entstoen, ee vun den Hauptproblemer ass, datt ee guer keen Appetitt méi huet, datt een näischt méi wëllt iessen, datt de Kierper awer duerch d'Chimiotherapie selwer ëmmer weider geschwächt gëtt an datt d'Utilisatioun vun Cannabis do ganz sënnavoll ka sinn, och fir den Appetitt erëm unzereegen.

Och wann dat an der Vergaangenheet esou war, datt et duerchaus och praktizéiert ginn ass an datt souwuel de Konsument wéi och deen, deen et verschriwwen huet, effektiv mat engem hallwe Been oder mat zwee Bee souguer an der Illegalitéit war a mat engem Been am Prisong, dann ännert dëst elo.

De Cannabis huet awer och aner positiv Wirkungen, déi och virdru schon opgezielt gi sinn. E wirkt op Phenomeener wéi Schlofstörungen, Phenomeener wéi Soziophobie. Et gëtt aner Wirkungskreesser, déi méi grouss si wéi déi, déi bis elo hei opgezielt si ginn. Duerfir fanne mer et e bësse schued, datt hei awer e bëssen esou wéi bei der lechternacher Sprangprozeessioun virgaange gëtt, datt een dräi Schrëtt no vir mécht an zwee zréck. An déi zwee zréck, dat ass, datt awer eng ganz restriktiv Handhabung de Fall ass a vun Ufank un eng gewëssen Angscht matgeschwongen huet, ob dat hei da wirklech eng gesellschaftlech Akzeptanz géif fannen. An ech mengen entrempes soen ze kënnen, datt et déi gesellschaftlech Akzeptanz definitiv huet.

Dat Éischt ass, datt d'Gesetz selwer a senger Form eigentlech eng stroferechtlech Approche huet, just eben ex negativo. Dat heescht, datt verschidde Praktiken elo net méi stroferechtlech oder penal belaaft ginn. Dat ass d'Approche dozou.

Et ass zwar och restriktiv, andeem et da just fir bestëmmte Krankheitsbiller, déi elo nach méi genau am Règlement grand-ducal wäerten opgezielt ginn, kann ugewannt ginn. Et ass och restriktiv, wou och eng Angscht hannendur läit, déi och deelweis, menge mir, net begrënnt ass, datt et just d'Spidolsapdikten dierfe sinn, wou een dann de medezinnesche Cannabis ka kréien.

An och, an dat ass, mengen ech, och e ganz gutt Beispill vun där Angscht, déi do hannendru war, datt et am Ufank vum Projet just bestëmt Spezialiste waren, déi dat hunn dierfe verschreiwen. Dat ass glécklecherweis opgehuewe ginn, nodeems de Statsrot intervenéiert huet, nodeems awer och an der Kommissioun wierklech eng Majoritéit vun de Leit an déi dote Richtung argumentéiert hunn.

An ech mengen, datt mer net derlaanscht kommen, wéi virdru och gesot ginn ass, d'Wirkung an d'Wirkungsfeld vum Cannabis nach weider ze erforschen, grad an engem Gesondheitsberäich, wou mer, mengen ech, och akademesch oder universitär an der Fuerschungslandschaft gutt opgestallt sinn, an datt dat op jidde Fall eng Missioun muss si fir d'Zukunft an deem doten Domän.

Dëst gesot, mengen ech och, datt een net soll zwou Saache matenee vermischen: de medezinnesche Cannabis, wou mer dat heiten eben och ganz kloer ënnerstëtzen - ech mengen awer, datt et an Zukunft nach manner restriktiv misst gehandhabt ginn -, an de rekreative Cannabis, wouzu mer natierlech och eng ganz kloer Meenung hunn. Mä hei geet et ëm dee medezinneschen an duerfir menge mer, datt mer d'Diskussioun elo emol op deem heite Punkt belouesse sollen a ginn och eisen Accord zu dësem Projet.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. De leschte Riedner ass den Här Max Hahn.

► **M. Max Hahn (DP).** - Merci, Här President. Ech profitéiere vum Debat iwwert dëst Gesetz, fir der Regierung ze felicitéieren.

► **Une voix.** - Ah sou! Gutt!

► **M. Max Hahn (DP).** - Lëtzebuerg mécht näamlech mat dem Gesetz, wat mir haut stëmmen, e Schratt an déi richteg Richtung, wat eis Drogpolitik ubelaangt. Mir erlaben de Gebrauch vum medezinnesche Cannabis a gi soumat ville kranke Mënschen eng nei Hoffnung, fir hir Krankheet ze iwwerstoen oder op d'mannst hir Péng ze bekämpfen. Dëst kann awer nëmme en éischte Schratt gewiescht sinn, well och mat dësem Gesetz bleift de Verkauf an de Konsum ausserhalb vun der Medezinn verbueden a strafbar.

Här President, mir wëssen alleguer, dass en Artikel am Code pénal nach laang net jiddwereen dervun ofhält, eppes ze maachen, wat am Fong verbueden ass. Och beim Cannabis, jo, ech géif souguer soen, grad beim Cannabis ass dëst de Fall. Trotz Verbuet gëtt de Cannabis säit Jorzéngte konsuméiert.

Well d'Konsumenten awer net legal u Cannabis erukommen, gesi si sech gezwongen, hiert Gras illegal um Schwarzmaart ze kafen. Well besonnesch Jonker Cannabis konsuméieren, risikéiere grad si, esou un déi falsch Persounen ze geroden. Et ass kee Geheimnis, dass gutt organisiert kriminell Drogbanden de Cannabis als Astigsdrog benotzen, fir hir Clientë lues a lues u méi haart Drogen erunzeféieren. Genausou wéineg ass et e Geheimnis, dass d'Gras dacks vu schlechter Qualitéit ass an zum Deel mat geféierleche Substanzen gestreckt ass.

Eis repressiv Drogpolitik am Beräich vum Cannabis huet also zur Konsequenz, dass d'Bierger, dorënner vill Jugendlécher, Affer vun Drogbanden ginn. Mir spillen de Moment dëse Bande voll an d'Kaarten. Ech soen et dofir ganz kloer: Eis repressiv Drogpolitik ass gescheitert!

Ech hunn de Mëtten och dowéinst vun der Geleeënheet profitéiert, fir e puer Wuert zum Projet ze soen, well meng Partei de Sonndeg e Wahlprogramm ugehoill huet, an deem d'Legaliséierung vum Cannabis drasteet. D'DP ass der Meenung, dass Lëtzebuerg sech muss de politesche Responsabelen uschlëssen, déi an anere Länner schon decidéiert hunn, de Cannabis ze legaliséieren. Ganz rezent gehéiert dozou och Kanada. Dass dës Länner mat der Legaliséierung recht behalen hunn, weisen och d'Statistiken. Iwwerall do, wou Cannabis legaliséiert gouf, sinn de Konsum vun haarden Drogen an d'Drogekriminalitéit erofgaangen.

Här President, ech sinn dervun iwwerzeugt, dass eng Legaliséierung vum Cannabis eng méi effikass Bekämpfung vun der Drogekriminalitéit zu Lëtzebuerg ass wéi all aner Mesuren, déi mer an deene leschte Jorzéngte geholl hunn, well de Verkauf a Konsum vun deelweis ganz geféierlechen Drogen op oppener Strooss ass de Moment zu Lëtzebuerg Alldag.

► **Mme Martine Mergen (CSV).** - Här President, kann ech dem Riedner eng Fro stellen?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, selbstverständlech.

► **M. Max Hahn (DP).** - Ech ginn der Madamm... Ech si gläich fäerdeg. Ech ginn lech direkt duerno d'Wuert.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dir gitt kengem d'Wuert, Här Hahn!

(*Hilarité*)

► **M. Max Hahn (DP).** - Neen, Dir, pardon. Dir, Dir! Dir frot mech...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Nach e bësse Gedold.

► **M. Max Hahn (DP).** - Voilà. Ech kommen zum Schluss, Madamm Mergen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech hunn heiansdo d'Impressioun, wéi wa mer schon am Debat wäeren iwwert d'Petitioun, deen de 26. hei soll stattfannen.

► **M. Max Hahn (DP).** - Mir sinn dervun iwwerzeugt, dass eng Legaliséierung...

(*Brouhaha général*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An Dir dierft lech och net wonneren, wann de President dorop hiweist, well et ass d'Missioun vum President, fir den Debat ze rezentrieren. A mir schwätze jo eigentlech hei net iwwert d'Drogpolitik, mä mir schwätzen iwwert de Gebrauch vu medezinneschem Cannabis.

► **Mme Martine Mergen (CSV).** - Här President, ech wollt och froen, ob de Riedner sech net am Datum geiert hätt.

► **M. Max Hahn (DP).** - Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech hunn dat just rezentriert.

(*Interruption par M. Gast Gibéryen*)

► **M. Max Hahn (DP).** - Här President, mat der Legaliséierung vum medezinnesche Cannabis ass deen éischte Schratt gemaach. Elo ass et un där nächster Regierung, fir deen nächste Schratt ze maachen: déi komplett Legaliséierung vum Cannabis. D'DP ass prett.

D'Legaliséierung vum Cannabis huet näamlech nëmme Virdeeler: Mir driewen d'Konsumente vun haut net méi an d'Hänn vun den Drogbanden; mir bidden hinnen eng net gestreckt, staatlech kontrolléiert Wuert un; mir bekämpfen d'Kriminalitéit an den Drogenkonsum op eise Stroossen a schafen zousätzlech Mëttel, fir Jugendlécher iwwert d'Gefore vun haarden Drogen opzeklären.

Dëst gesot, soen ech der Rapportrice Merci fir hire Rapport. Den Accord huet den Edy Mertens jo scho ginn. An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och fir de Rapport vun deem leschten DP-Kongress.

Merci. Dann huet d'Madamm Gesondheitsministesch d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ass den Här Edy Mertens och där Meenung?

► **Une voix.** - An Dir?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Sidd Der och där Meenung, déi den Här Hahn hei grad vertritt huet?

(*Interruption et hilarité*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Also, „Parole après Hahn“ gëtt et nach net.

(*Hilarité*)

► **M. Roy Reding (ADR).** - Dir musst nach rezentrieren.

(*Brouhaha*)

► **Une voix.** - Et ass jo ëm de Wahlprogramm gaangen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Madamm Ministesch, Dir hutt d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

► **Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, ech war frou iwwert deen interessanten a sachlechen Debat, dee mer haut de Mëtten hei haten an ech freeë mech och, genee wéi den Här Baum, dass mer, wann et drëm geet, fir Mënsche kënnen ze hëllefen an, wéi an der Vergaangenheet, als Land schnell nozezéien, wann et drëm geet, e Produkt fräizeginn, mat deem ee beispillsweis an der Schmäerzbehandlung de Patient verbessert kann zur Säit stoen, dass mer eis do fannen. An dat war hei weder ideologesch nach parteilech, op alle Fall bis bal zum Schluss, an dat hunn ech och ganz gutt fonnt.

Mir sinn nach net zu vill an den europäesche Memberstaten, déi op deen dote Wee ginn. Et

sinn der knapps eng hallef Dosen, mä ech si frou, dass mir derbäi sinn, dat muss ech lech ganz éierlech soen. Well doduerch, dass mer iwwert dat heite Gesetz e legalen Accès erméiglechen, fir Cannabis zu medezinneschen/therapeuteschen Zwecker ze notzen, erlabe mer enger ganzer Rëtsch vu Leit, nei Hoffnung ze hunn. An dat ass och gutt esou.

Et si ganz vill Froe gestallt gi ronderëm d'Mise en œuvre vun deem heite Gesetz, och am Zusammenhang mam Règlement grand-ducal. Do wëll ech lech direkt soen a kann och dann op e puer Elementer dovunner agoen, dass dee Projet de règlement existant ass, dass e kierzlech vum Statsrot aviséiert gouf an dass en direkt nom Vott vun dësem Gesetz ka publizéiert ginn, soudass mer an engem Timing sinn, dass mer wahrscheinlech 2018 schonn deene Leit, déi Beneficiaire vun deem heite Gesetz wäerte sinn, kënnen déi Offer garantéieren.

Tatsächlech hu mer eis an deem Règlement grand-ducal op déi Meta-Analys baséiert, déi hei schonn ervirgestrach ginn ass. Dat ass tatsächlech déi gréisst Meta-Analys - also eng Meta-Analys ass eng, wou ganz vill méi kleng Analyse regroupéiert ginn -, déi jeemools gemaach ginn ass zu der Notzung vu medezinneschem Cannabis. Si ass 2017 publizéiert ginn, an zwar vun der National Academy of Sciences.

Dat ass eng wëssenschaftlech, medezinnesch Grondlag, déi d'Dokteren heibanne kennen, awer och déi, déi sech vill mat medezinnesche Projete beschäftegen, an déi op alle Fall bei eis an der Direction de la santé eng ganz wichteg Grondlag ass. A mir hunn eis effektiv dorobber bezunn, well do si se alleguere regroupéiert, déi Etüden, déi der e puer vun lech zitéiert hunn. A wann ee sech net op eng wëssenschaftlech Grondlag baséiere kann, jo eigentlech si mer da par définition am rekreative Beräich. Dat muss een hei soen. Mä mir hunn dat awer, fir all déi ze rassurieren, déi gefaart hunn, mir hätten hei eng ze vill restriktiv Opzielung, e bësse breet formuléiert.

Tatsächlech viséiere mer d'«maladies graves en phase avancée ou terminale entraînant des douleurs chroniques», d'«maladies cancéreuses traitées par une chimiothérapie induisant des nausées ou vomissements» an d'«sclérose en plaques avec spasticité musculaire symptomatique», an dat ass genee dat, wou mer eis drop baséieren, wa mer eben déi international Grondlag geltend maachen.

Dat heescht, mir sinn hei schonn an engem limitéierten Zeenario. Dat ass ganz richtig. Dofir hu mer vun Ufank u gesot, dass mer, obwuel mer a Richtung vun engem Gesetz ginn, awer gären no zwee Joer eng Bilanzéierung dovunner maachen. Mir si praktesch an enger Testphas. Obwuel eng Rei vu Länner (veuillez lire: Obwuel eng Rei vu Länner dat schonn ëmgesat hunn) - an Däitschland hat iwwregens eng ganz, ganz laang Testperiod vu bal acht Joer, ier se legiferéiert hunn -, si mer awer an engem Domän, deen Neiland fir eis zu Lëtzebuerg beidit. Dofir hu mer gesot, mir wëilten no zwee Joer eng Evaluatioun maachen an dann och nobesseren, do wou et eventuell nozebessere gëtt, notament wat d'Krankheitsbiller ubelaangt. Ech mengen, dat ass jo och en Domän, wou ganz vill gefuerscht gëtt a wou mer erwaarden, och well dee Sujet d'actualité ass, dass mer an deenen nächste Méint a Joren zousätzlech wëssenschaftlech Erkenntnisser wäerte kréien, an da wëllen a musse mer nobesseren.

Dat gëllt am Iwwregen och fir d'Fro vun den Apdikten. Tatsächlech si mer hei op de Wee gaangen, fir an där, ech soen elo emol Testphas, ier mer d'Evaluatioun no zwee Joer maachen, mat de Spidolsapdikten zesummenzeschaffen. Do ass dann eben d'Fro an de Raum ze stellen, ob mer dat herno och allgemeng handhaben, dat heescht, dass een och an eng regulär Apdikt ka goen. Tatsächlech fannen ech dat gutt, dass dat hei thematiséiert ginn ass. Mä am Moment gi mer eben op de Wee vu Spidolsapdikten.

Ech muss éierlech soen, dass ech dat ganz gutt fannen, dass de Statsrot an och de Collège médical an och d'Chamber mer mat op de Wee ginn hunn, fir déi Approche (veuillez lire: fir déi Approche net bäizebehalen), déi mer ursprénglech hate wéinst eben deene Krankheitsbiller, déi mer op enger wëssenschaftlecher Grondlag mat op de Wee geholl hunn, fir dat och op déi jeeweileg Dokterkategorien ze limitéieren, wat d'Prescriptioun ueget. Et ass richtig, dass mer do méi breet opmaachen. An dat war och eng Fuerderung vum Collège médical an dat ass och an der Chamberskommissioun thematiséiert ginn. Mir hunn dorivwer geschwat a mir hunn och déi entspriechend Ännerung mat op de Wee geholl.

Tatsächlech hu mer jo och hei zu Lëtzebuerg eng Situatioun, wou mer ganz oft, wa mer me-





dezinnesch Projeten diskutéieren, vum grouse Stellwäert vum Hausdokter, vum Familien-dokter, vun der Vertrauenspersoun schwätzen. Dann ass et eigentlech nëmmen normal, dass mer och de Krees vun deenen, déi déi heite Prescription kënne maachen no där Formation, déi mer an d'Gesetz drageschriwwen hunn, méi breet maachen. Ech stinn dozou an dat ass eng gutt Saach.

Et ass hei och gefrot ginn, wéi et dann elo ass mat der direkter Emsetzung. Wéi gesot, mir stëmmen elo e Gesetz, de Règlement ass prett, dee ka publizéiert ginn. An da wëlle mer en Appel d'offres lancéieren, fir dass mer kënnen e Fournisseur selektionéieren, e Fournisseur de cannabis médicinal, deen och den Niveau d'exigence kann erfëllen, deen et awer um internationale Plang gëtt, mat engem ganz präzise Guide de bonnes pratiques, un deen ee sech als Land ze halen huet, wann een an där doter Matière legiferéiert.

Dat heescht an anere Wieder, do muss et eng Zertifikatioun ginn am Kader vun de Bonnes pratiques de fabrication. Dat si Kritären, déi ganz präzise festgeluecht sinn, well schliisslech setze mer jo awer de Cannabis médicinal, wéi mir en nennen, op d'Lëscht vun de verschreibungspflichtige Medikamenter. An dofir mussen natierlech déi, déi op déi Lëscht wëlle kommen, och héich Exigenzen erfëllen, fir den Émgang mat deene Produiten op eng propper Aart a Weis ze garantéieren. An dat gëllt eben dann och fir de Cannabis médicinal.

Och hei nach vläicht eng kleng Präzisioun: Bei deenen Type vu Produiten, vun deene mer schwätzen, wa mer Cannabis médicinal soen, da schwätze mer vun de gedréchente Bléie vun der Cannabisplanz. Dat gëtt dee Moment inhaléiert oder kann iwwer Infusioun zou sech geholl ginn. An ech schwätzen och vun den Extrakte vun der Planz selwer a Form vun Uelecher, déi dann eben och zur Verfügung sti fir de Patient. Et gëtt dräi Type vu Kompositioun, mä dat war och scho vun der Madamm Mergen hei gesot ginn: entweder se si räich un THC oder se si räich un CBD oder eng Mëschung vun deenen zwee.

Am Endeffekt wäert dat dozou féieren, dass mer sechs verschidde Produkter hu mat dräi Type vu Kompositioun an zwee Type vu Formen. An dat gëtt dann dem Dokter - dem Spezialist oder dem Generalist, vu dass mer dat jo opgemaach hunn - d'Méiglechkeet, fir e ganzen Eventail vu Produiten ze hunn, déi de verschiddenen Type vu Besoine vun de Patienten entgéintkommen. Dat ass och gutt esou, dass déi Marge de manœuvre do ass.

Mir erwaarden dann och vum Fournisseur, dass en een Approvisionnement continu mécht. Dat heescht am Kloertext, dass en et net déi eng Kéier huet an déi aner Kéier net huet. Mir schwätzen awer ëmmerhin hei vu kranke Mënschen an déi mussen sech och kënnen drop verlossen, dass, wa se dee Produit kënne verschriwwen kréien, se deen och nach zwee Méint duerno kënne verschriwwen kréien. Do muss also och eng Approvisionnementssécherheet bestoen, fir dass mer keng Rupture de stock bei den Traitementen kënne kréien.

Mir hunn och schonn, souwäit dat zoulässe ass, am Kader vun enger uestoender Prozedur éischt Informatiounen ageholl, och ob mer do bei deem existente Marché eligibel wäerte sinn, fir e Fournisseur ze fannen, an ob mer och do wäerten op Interêt stoussen, wa mer eisen Appel d'offres maachen. An do maache meng Mataarbechter vun der Direction de la santé sech keng Suergen a si ginn dovunner aus, dass mer, wa mer deen Appel d'offres lancéiert hunn, dann innerhalb vun aacht bis zwielef Wochen dee Produkt kënne fir Lëtzebuerg kréien, soudass mir dovunner ausginn, dass mer dee Projet hei nach gutt 2018 a seng Emsetzung kënne kréien. Bon, dat vläicht als Informatioun, wat elo den direkte Suivi ugeet.

Et waren och Aussoen hei gemaach ginn iwwert déi spezifesch Formation. Och hei wëll ech ënnersträichen, dass dat eng Fuerderung vun den Doktere selwer war, well si eben och nach net familiariséiert sinn domadder. An dat ass eng Formation, déi wäert offréiert gi vun der Direction de la santé mat Spezialiste vu baussen, déi erugezu ginn. Et wäert och eng spezifesch Broschür komme fir d'Patienten.

An et wäert och eng permanent Kollaboratioun mam Ausland sinn, en Austausch, ech hunn dat gemierkt, wéi mer elo eisen Europäesche Conseil haten. Dofir weess ech och, dass mer nach ëmmer net zu vill sinn, déi op dese Wee ginn, well et sinn der eng Rëtsch, déi schonn héieren haten, dass mir amgaange sinn ze legiferéieren, déi och bei eis komm sinn. A mir hunn eis dann d'Wuert ginn, iwwregens och am Kader vun eise „Gesundheitsquintett“ am Summer, dass mer e regelméisseg Austausch iwwert de medezinnesche Cannabis a seng Notzungsméiglechkeete fir d'Patienten wäerte maachen.

Wéi gesot, mir sinn hei an engem Zeenario, dass mer no zwee Joer eng Evaluatioun wëlle maachen. Mir ginn dovunner aus, dass mer ganz regelméisseg déi wëssenschaftlech Literatur wäerte consultéieren, fir ze kucken, ob mer nach richtig leien. A le cas échéant kënne mer jo awer och schnell iwwer eise Règlement grand-ducal d'Lëscht vun den Indikatiounen am Licht vun neie wëssenschaftlechen Erkenntnisser emänneren oder ausbauen oder ajustéieren. Dat schéngt mer ganz wichteg ze sinn.

Ech mengen, dass mer hei an der Tradition si vun de Lëtzebuurger Regierungen, déi onofhängeg vu parteileiche Consideratiounen an der Vergaangenheet ëmmer derfir waren, fir de Patienten, soubal et eng wëssenschaftlech Grondlag gëtt, déi beschtméiglech Traitementsméiglechkeeten, déi beschtméiglech Therapien zur Verfügung ze stellen.

Dat heite Gesetz reit sech an an déi doten Demarche. An ech si wierklech frou, dass mir eent vun deene Länner sinn, eent vun deenen éischte Länner nach ëmmer sinn, déi op dee Wee ginn.

Wat d'Fro ronderëm déi rekreativ Notzung vum Cannabis ugeet, do freeën ech mech op deen Debat, dee mer ronderëm d'Petitioun wäerten hunn. Dat ass jo och nach virum Summer. An do sinn ech ganz interesséiert, fir de verschidde Positiounen ze héieren. Mä, wéi gesot - wien hat et gesot? -: Appel a Biren, dat ass esou eng Saach, an dobäi beloussen ech et och domadder an deem Kontext.

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An ech mengen, mir si prett, fir zum Vott iwwerzegoen iwwert de Projet de loi 7253.

## Vote sur l'ensemble du projet de loi 7253 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo gläich eriwuer.

60-mol Jo, domat hu mer Unanimitéit.

Ont voté oui: *Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Gilles Roth), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Serge Wilmes (par Mme Diane Adehm), Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel (par Mme Cécile Hemmen), Frank Arndt (par M. Alex Bodry), Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusti Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter);*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

## (Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

## 6. Hommage à M. Marcel Oberweis

Mir hunn nach e leschte Punkt um Ordre du jour, well haut déi lescht Sëtzung vun eise Kollege Marcel Oberweis ass. No 14 Joer an der Chamber seet de Marcel deem Haus den 30. Juni Addi. Mat him, an dat ass net nëmme meng Meinung, geet e kompetenten, fläissegen a léiwe Kollege aner Weeër.

Zënter 1968 ass de Marcel Oberweis Member an der CSV. Hien huet sech politesch fir d'Éischt an der Gemeng Steesel engagéiert, wou hien 1994 Conseiller ginn ass, 2011 Schäffchen, an elo erëm Conseiller.

De Marcel Oberweis ass den 3. August 2004 eng éischte Kéier an d'Chamber gewielt an 2009 an 2013 confirméiert ginn. A senger 14 Joer an der Chamber war de Marcel President vun de Kommissiounen fir Landwirtschaft, fir Wunnengsbau a fir Héichschoulen a Fuerschung. De Marcel Oberweis war och Vizepräsident vun der Émwelt- an der Kulturkommissioun.

Zënter 2005 ass hie Member am Benelux-Parlament. Den Héichpunkt war do sécher 2013 an 2014, wéi hie President vum Benelux-Parlament war.

Donieft läit dem Marcel och nach d'Groussregioun um Häerz, wou hie sech voll a ganz engagéiert huet. Esou war hie vun 2004 bis 2013 Member vum CPI, dem Interregionale Parlamentarierot.

Hie war des Weideren zwee Joer Member an der parlamentarischer Assemblée vum Conseil de l'Europe.

De Marcel Oberweis huet sech ëmmer vill fir Émwelt an Nohaltegkeet engagéiert, an dat net nëmmen hei am Haus. Économie, Soziales an Ékologie gehéiere fir hien zesummen.

Hien ass ee vun deenen, déi net esou séier opginn. Dat huet scho seng impressionnant schoulesch a beruflech Carrière gewisen. Hien huet fréi mat der Schoul missen ophalen, fir an d'Berufswelt ze goen. Mä duerno huet e seng Studien zum Diplomingenieur zu Lëtzebuerg an am Ausland nogeholl, ass ënner anerem Professor-Ingenieur ginn an huet - d'Kiischt um Kuch - eng Dokteraarbecht op der Uni Kassel gemaach.

Permanent op der Sich no neien Erausforderungen, ass hien eréischt kierzlech vun doheem aus de Jakobswee gaangen, iwwer 2.300 Kilometer a sechs Etappen - zu Fouss, versteet sech vum selwen.

De Marcel huet och seng Léift zum afrikanesche Kontinent entdeckt. A well hien elo méi Zäit huet, wäert hien nach méi wéi virdrun u Projeten an de Beräicher Émweltschutz an effizient Energienutzung am Burkina Faso an am Ghana schaffen.

Säin Zil ass et, eise Kanner des Welt e bësse besser ze hannerloossen.

Léiwe Marcel, am Numm vun eis all wëll ech dir Merci fir alles soen a wënschen dir vill Satisfaktioun an Erfolleg bei deenen neien Challenge, déi s du der ginn hues. Maach et gutt!

## (Applaudissements)

► **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Léiwen Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Deputéiertekollegen, et ass mer effektiv eng grouss Éier, lech haut de Mëtteg Merci ze soen an och Addi ze soen.

Wann ech op déi 14 Joer zrëckkucken, wollt ech just un dräi klenge Punkten eppes markéieren, déi den Här President scho sot: Déi nohalteg Entwécklung war mir an d'Häerz geschriwwen. Ech hunn dat während 25 Joer ensegnéiert. Heibanne si jo Zeie vun där Geschicht. Élo si mer amgaangen, an eng nei Sphäre eranzegoen, an déi véiert industriell Revolutioun. Dat fret mech immens, déi Économie circulaire an och déi ganz Digitaliséierung.

Ech sinn awer och Zeie gi vun enger Saach, déi mech immens bedréckt. Ech sinn Zeie gi vun

der Schéier tëschent Aarm a Räich, déi méi grouss gëtt, hei am Land an och dobaussen. Mir sinn e räicht Land, mir kënnen déi Schéier beieneebringen. Ganz vill Saache gi gemaach, dass et net passéiert. Mä dobausse sinn Honnerte Milliounen Mënschen, déi hunn een Zil: an d'Paradies ze kommen, Europa!

Wann ech doënn sinn, soe vill jonk Leit ëmmer: „Kënnst Der mech net mathuelen?“ An aus deenen Iwwerleeungen eraus hunn ech du gesot gehat, fir se doënnen ze halen, sammelen ech Geld hei, ginn dorower als Ingenieur - ech hunn e Büro gegrënt -, fir se doënnen ze halen. An éischt Iwwerleeungen, éischt Projekte lafe schonn doënnen. Dorop sinn ech ganz houfreg.

Här President, mir solle bescheiden am Liewe bleiwen. Mä erlaabt mer awer, ee klenge Punkt erauszehiewen, op deen ech immens houfreg sinn.

Ech war 25 Joer Professor um IST, um Technikum. Ech hunn 1.236 jonk Leit a mengen Hänn gehat. Dovu koumen der ganz vill aus enger Première classique a vun enger Treizième technique. An ech hunn ëmmer erëm gesot, wann ech jeemools eppes ze soe kréien, wäert ech deen Unfug ophéieren.

An 2007, Här President, hunn ech déi deemo- leg Madamm Ministesch, d'Madamm Delvaux, gefrot: „Madamm Delvaux, wann Der dee Prozess vun der Lycéesreform maacht, denkt Der do vläicht no, dat ze änneren?“ Si huet Jo gesot am Sall. Dat war am Dezember 2007. An zéng Joer méi spéit huet dann dës Regierung awer dee Schrëtt gemaach, an dorop sinn ech houfreg.

Elo hu mer alleguerten eng Première terminale. Dat ass net weltëstierzend. Mä fir ee wéi mech, deen ni e Lycée begéint huet, ni am Lycée war, ass et eng immens Chance an eng Freed, dass et mëttlerweil dat gëtt.

E leschte Merci wollt ech soen, ech fänken u mat de Mataarbechter. Lénks a riets hei am Haus hunn ech ganz vill Leit begéint gehat, och a menger Fraktioun. Ech soen e ganz grouse Merci fir déi Chance, déi ech hat, mat hinnen e Stéck Wee ze goen. Ech soe Merci lech alleguerten, déi Dir mir d'Chance ginn hutt, mat lech ze diskutéieren. Solit ech engem ze no getréppelt sinn, dann entschëllegen ech mech nach eng Kéier nodréiglech.

Mä ech denken awer och speziell un déi Kollegen, déi fortgaange si vun ons an der Zäit, déi ech gären hat. An dat deet mer e bëssen déck, well ech hätt och gäre mat hinne spéider nach diskutéiert.

Menger Fraktioun, notamment dem Claude Wiseler als Chef, soen ech e grouse Merci. Si hu mir d'Chance gelooss gehat, heiansdo méi kritesch mat der CSV ze sinn. Als Aarbechterkand sinn ech dat jo dann och gären.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Marcel Oberweis (CSV).** - An ech denken awer, dat ass fir alleguer.

Dann e leschte Merci u meng Famill. An ech hunn eng Kéier héiere vun engem grouse Mann, dee gesot huet: „Hanner all dichtegem Mann muss eng nach méi dichteg Fra stoen.“

Also mäi Josette, meng Fra, dat war esou eng Fra. Si huet bal 40 Joer mussen mech erdroen an där Funktioun. Ech soen dir e grouse Merci! lech alleguerten!

A verspricht mer just eppes, verspricht mer eppes, wann dee Wahlkampf kënnt: Sidd ëmmer ganz héiflech mateneen! Dat ass dat Wäertvollst am Liewen, deen Aneren a senger Würde ze respektéieren. Dat ass dat Allerwäertvollst am Liewen. Dorunner gi mer gemooss.


Merci villmools!

► **Une voix.** - Très bien!

## (Applaudissements)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. E besseren Ofschloss vun der Sëtzung vun haut hätte mer net kënnen hunn. Domat si mer um Enn vun eiser Sëtzung a mir hu Rendez-vous den nächsten Dënschen um hallwer dräi.

(Fin de la séance publique à 17.12 heures)



## Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

